association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Lëtzebuerg, den 10. Februar 2023

Rapport vun der Entrevue mam MENJE vum 1.2.23

Präsenzen
MENJE: M. R. Nehs
APESS: M. P. Beil, M. J.-M. Cima, M. G. Everling

1) **Formation continue iwwer d'Karriär vum Professer**
D'APESS hat schonn den 11.10.18 proposéiert, de Ministère sollt eng FC iwwer d'Karriär vum Professer, seng Rechter a Flichten organiséieren. Vu datt déi bis haut nach net stattfonnt huet hate mir beim CGPO nogefrot. Wéi och dat eis net weider bruecht huet hu mer d'Thema an dëser Reunioun nach eemol ervirbruecht. Mam Resultat, datt mir zougesot kruten, e Vertrieder vum MENJE géif déi Formatioun halen a sech mat eis a Verbindung setzen. Soubal d'Detailer vun där Formatioun gekläert sinn wäerte mir déi natierlech un eis Membere weider ginn.

An deem Kontext gouf och iwwer d'Instructions ministérielles geschwat. Am Oktober 2018 krute mer gesot, et géif dru geschafft ginn, sämtlech IMen op enger zentraler Plaz zougänglech ze maachen. Dat ass awer net passéiert, obwuel de MENJE sech bewosst ass, datt dat wichteg wier.

2) **Valorisatioun vum Travail de candidature**
Mir hunn eis Fuerderung no enger Valoriséierung vum TC widderholl a krute gesot, et wier net de richtege Moment. Fir enger anerer Karriär 15 Punkte bäi ze ginn schéint awer de richtege Moment ze sinn.

3) **Opwäertung vum Handwierksberuff**
Wat d'Handwierkerausbildung betrëfft si keng Ännerunge vun der Karriär vun den Enseignanten oder vum Inhalt an Opbau vun der Formatioun geplangt.

4) **Unerkennung vun der Beruffserfarung**
Wärend mir natierlech frou doriwwer sinn, datt eis laangjäreg Fuerderung no enger Unerkennung vun der tatsächlecher Beruffserfarung, zumindest bis zu engem gewëssene Mooss, realiséiert gouf, goufen déi Kolleegen, déi virun der neier Bestëmmung mat Beruffserfarung agestallt goufen, erëm vergiess. Dat ass an eisen An eng Diskriminatioun a féiert zu berechtegtem Frust. Mir hu gefuerdert, datt déi betraffe Leit, réckwierkend op den Zäitpunkt vum Akraafttriede vun der neier Reegelung, déi selwecht Bedingunge misste kréien.

5) **Dechargen**
Mir hunn eis Fuerderung no enger weiderer Decharge pour ancienneté nach eng Kéier duer geluecht. Déi stéisst awer nach ëmmer op wéineg Verständnis.

6) **Aarbechtsmaterial vun den Enseignanten**
Wat d'Aarbechtsmaterial vun den Enseignanten ugeet, sou bleift de MENJE bei senger Positioun, datt een dat ka vun de Steieren ofsetzen. Datt d'Schüler d'Schoulbicher bezuelt kréichen wier eng sozial Moossnam fir d'Famillen z'entlaaschten an dohier net vergläichbar. Ausname wieren awer z.B. deiert

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426

Material, dat den Enseignant a gewëssene Situatiounen extra fir d'Schoul muss uschafen, sou z.B. Schutzmaterial oder speziellt Geschier. Do gëtt gekuckt op sech eppes maache léisst.

7) Fotokopien

Vu datt d'Supports de cours ëmmer méi an elektronescher Form benotzt ginn, schéint sech de Problem vum Bezuele vun de Fotokopien ëmmer manner ze stellen. Et schéint awer vu Schoul zu Schoul ënnerschiddlech gehandhaabt ze ginn.

8) Conseil d'éducation

Säit der Ännerung vum Artikel 36 am Gesetz zur Organisatioun vum Lycée de 15.12.16 huet den Direkter d'lescht Wuert bei Meenungsverschiddenheeten am Conseil d'éducation aplaz de Minister. Eis ass zwar bis ewell kee Fall bekannt wou déi Fro sech effektiv gestallt hätt, mä mir hunn op e Neits argumentéiert, datt domadder d'Ofstëmmungen am CE zur Farce verkommen. De MENJE argumentéiert awer, datt d'Decisioun jo iergendzwousch muss geholl ginn an datt et an der Praxis net am Interêt vum Direkter wier, fir systematesch Decisiounen géint de CE ze huelen, vu datt d'Schüler, d'Elteren an d'Enseignanten do vertruede sinn.

9) Spuermoossnamen aus dem sougenannten Zukunftspak

Mir hunn erëm drop opmierksam gemaach, datt d'Spuermoossnamen vun 2013 (!) nach ëmmer net ganz réckgängeg gemaach goufen a stelle leider fest, datt et och keng Pläng ze gi schéint dorunner eppes ze änneren.

10) CET

De MENJE mécht sech Suergen iwwer d'Evolutioun vum CET. An der Praxis géifen d'CET-Stonnen op d'Kolleege verdeelt ginn, och well een z.B. d'CET-Besoinen net kéint duerch CDD-Kontrakter ofdecken. Mir sinn allerdéngs net der Meenung, datt et d'Schold vun de Kolleegen, déi CET-Stonnen wëllen eran huelen, ass, wann et net geléngt genuch qualifizéiert Leit ze fannen, déi den Enseignantsberuff wëllen ergräifen.

Mir hunn eis Fuerderung erneiert, datt den Direkter misst e Refus vum CET justifiéieren an datt d'Zuel vu sequentielle Refusen misst limitéiert ginn.

Wat de Widdersproch, op dee mir vun Ufank un higewisen hunn, ugeet, datt een d'CET-Stonnen nëmmen zu 36/52 ausbezuelt kritt, krute mir op e Neits gesot, et wier net geplangt dorunner eppes ze änneren. Dobäi schéint eis kloer, datt dat mat Sécherheet e Grond ass firwat et an den An vu ville Leit vill méi interessant ass, d'CET-Stonnen eran ze huelen aplaz sech se ausbezuelen ze loossen, wat natierlech de Personalbedarf erhéicht. An anere Wierder, wann een endlech déi net justifizéierbar Ongerechtegkeet géif ofschafen an den Enseignanten déi Schoulstonnen, déi si geschafft hunn, korrekt bezuelen, da géif een domadder och de Personaldrock entschäerfen.

11) Promotiounskritären am ESG

Aus Zäitmangel konnt dat grousst Thema net behandelt ginn.

12) Gesetzesprojeten

Mir hu gefuerdert, datt mir misste Gesetzesprojeten, déi de Secondaire betreffen, automatesch geschéckt kréien.

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426